Nom groussen Erfolleg vum Projet am vergaangene Schouljoer si mir op der Sich no neie begeeschtere Lieser!



Hu Dir eng Passioun fir d'Liesen?
Wär Dir interesséiert, dës Passioun un Kanner weiderzeginn?

Da gitt bei eis Liespätter oder Liesgiedel!

Wourëms geet et?
Dir gitt Pätter oder Giedel bei zwee Kanner. Mat all Kand gesi Dir lech eemol d'Woch während enger halwer Stonn. D'Kand liest an Dir lauschtert no, verbessert, stellt Froen, diskutéiert mat him iwwer d'Inhalter a maacht him Mutt.

Wou fannen d'Treffe statt?
Mir treffen eis an der Bibliothéik vun der Stroossener Schoul. Sou kënne mir op all d'Bicher aus der Bibliothéik zréckgräifen.

Wéini fannen d'Treffe statt?
Mir gesinn eis donneschdes vun 14h30 bis 15h30, ausser an de Schoulvakanzen. Dir liest dann mat all Kand eng hallew Stonn.

Wéi al sinn d'Kanner?
D'Kanner sinn an de Cyclen 2 an 3 a sinn tëscht 6 an 10 Joer al.

Ween ass mäin Uspriechpartner während de Liesnomëtteger?
D'Annick Backes, Joffer am Cycle 2, geréiert de Projet an steet Iech bei Froen zur Verfügung. Doniewt wäert bei all Treffen een Enseignant aus der Stroossener Schoul dobäi sinn an Iech beim Choix vun de Bicher a bei all aner Schwieregkeet hëllefen.

Wéieng Viraussetzungen brauch ech?
Wichteg ass, dass Dir gäre liest, soudass d'Kanner dës Passioun spiere kënnen. Weiderhinn ass et wichteg, dass Dir gär Zäit mat Kanner verbréngt. Vu dass d'Kanner nach bessi méi laang beim Liesen brauchen, ass och eng Portioun Gedold net vu Muttwëll. Pädagogesch Firerfahrungen sinn net néideg.

Wann de Projet Iech interesséiert, Dir Iech awer nach déi eng oder aner Fro stellt, zéckt net a mellt Iech beim Annick Backes per Telefon um 661 942 148
oder per E-Mail annick.backes@ecoles-strassen.lu